N° 4931
Reçue le 07.10.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlemènt
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 6 octobre 2021

Réf. : 83ax878d1

Concerne: Question parlementaire n° 4931 du 6 septembre 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Madame la Ministre de la Justice et de la soussignée à la question parlementaire n° 4931 du 6 septembre 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant "Hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette LENERT
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Madame la Ministre de la Justice à la question parlementaire n°4931 du 6 septembre 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant "Hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux".

Opgelëscht no Demandeur fir eng Placéierung, sou wéi se an de 5 Kategorien aus dem Artikel 7 festgehalen ass:

- *Wéi vill Persoune sinn zënter dem Akraafttriede vum Gesetz an ee Service de Psychiatrie placéiert ginn?*
- *Wéi vill sinn tëschenzäitlech erëm entlooss ginn?*
- *Wéi laang sinn d'Persounen am Duerchschnëtt placéiert?*
- *Wéi vill Persoune sinn no enger Entloossung op een Neits placéiert ginn?*

Wéi vill Persoune sinn zënter dem Akraafttriede vum Gesetz an ee Service de Psychiatrie placéiert ginn? Wéi vill sinn tëschenzäitlech erëm entlooss ginn? Wéi laang sinn d'Persounen am Duerchschnëtt placéiert? Wat ass de Medianwäert?

Déi gefroten Donnéeën ginn fir den Moment net zentral erfaasst. Aktuell ginn et 5 Spideeler déi e Service de psychiatrie exploitéieren an déi deemno ënnert d 'Bestëmmungen vum Gesetz vum 10ten Dezember 2009 falen. Et handelt sech em de Chem zu Esch, den CHL an den HRS zu Lëtzebuerg, esou wéi den CHdN an den CHNP zu Ettelbréck.

Kënnen d'Patiente wärend hirer Observationsperiod géint hire Wëllen staark Medikamenter a Berouegungsmëttel veruerdent kréien? Falls jo, wéi gëtt dëst dokumentéiert, wéi vill Medikamenter verofreecht ginn a aus wéi enge Grënn? Wéi gëtt séchergestallt ,dass dës Dokumentatioun net manipuléiert gëtt?

Dem Ministère de la Santé ass net bekannt dass d'Patienten an den Psychiatrien Medikamenter a Berouegungsmëttel géint hiren Wellen administréiert kréien.

Nom Artikel 42 vum Gesetz muss d'Ministesch der Chamber all 3 Joer ee Rapport vun der Situatioun vun de Spideeler fir mental Gesondheet presentéieren. Dës Rapporten si fir de breede Public allerdéngs net ze fannen. Kéinten dës Rapporten, ënnert Berécksiichtegung vum Dateschutz vun de Persounen, ënnert PDF-Form um Site vumMinistère veréffentlecht ginn? Falls nee, firwat net?

Den Ministère gesäit keen Problem fir di Rapport'en, wann se bis presentéiert goufen, och um Site vum Gesondheetsministère ze publizéieren.

Wéi kënne Persounen, déi zu Onrecht an esou eng Struktur placéiert goufen, sech dogéint wieren?

Eng Persoun, déi hire Placement an esou eng Struktur ufechte wëll, ka laut den Artikelen 30 a 37 vum Gesetz vum 10. Dezember 2009, zu all Zäit e Recours virum Bezierksgeriicht (Lëtzebuerg oder Dikrech, jee nodeem wou d'Etablissement an där d'Persoun placéiert ass, sech befënnt) aleeden. D'Geriicht décidéiert dann, ob de Placement berechtegt ass.

Wéi bei all Geriichtsuerteel, kann d'Persoun och Appel géint dës Décisioun vum Bezierksgeriicht aleeden.

Dovunner ofgesinn, existéieren zwou Kommissiounen, déi periodesch analyséieren, ob de Placement nach berechtegt ass oder ob d'Persoun entlooss muss ginn.

Et handelt sech do engersäits ëm déi sougenannten *"Commission spéciale chargée de l'exécution des décisions judiciaires de placement"*, bestoend aus engem Riichter, engem Magistrat vum Parquet, zwee Memberen déi vum Santésministère proposéiert ginn, vun deenen een e Psychiater oder Pedopsychiater muss sinn. Dës Commission spéciale ass zoustänneg wann d'Persoun op Uerder vun enger Geriichtsdecisioun, déi d'Persoun op Basis vum Artikel 71 vum Code pénal[1] als pénalement irresponsabel erkläert, placéiert gouf (Artikelen 33 bis 38 vum virerwäänten Gesetz vum 10. Dezember 2009).

Anerersäits, an all deenen anere Fäll vu Placementer (zB e Placement dee vum Tuteur vun der Persoun ugefrot ginn ass), ass eng aner Kommissioun, bestoend aus engem Riichter, engem Psychiater (oder